LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6004 vum 30. Mäerz 2022 vum Här Deputéierte Max Hahn an vun der Madamm Deputéiert Carole Hartmann.**

*-Ass virgesinn, déi fräi Fläch, déi duerch d'Demolitioun vun de fréieren Ateliern entstanen ass, bis zur Realiséierung vun engem neie Projet als Parkraum ze notzen?*

Et ass effektiv virgesinn, um Areal vum fréieren Atelier CFL, ee provisoresche Parking vun zirka 40 Parkplazen ze schafen. Des wäerte fir d'Rentrée am September 2022 disponibel sinn.

*-Ginn et Gespréicher mat den däitschen Autoritéiten, fir och d'Parkméiglechkeeten op däitscher Säit auszebauen, notamment bei den Zuchgaren direkt hanner der Grenz?*

Am Kader vun der Reaktivatioun vun der Westrecke Tréier wollt d'Land Rheinland-Pfalz zousätzlech Park&Ride Plazen bei den Arrêt'en vun Ehrang, Römerbrücke Trier-West an Euren schaafen.

*-Ginn et aner Projete vun der CFL, déi wéinst der Präisdeierecht mussen nei geplangt oder ofgeännert ginn?"*

Nee, et gi kéng aner Projete vun der CFL déi nei geplangt oder ofgeännert musse ginn.

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch